

Rapport d'activités APELAM 2017-2018

D'läscht Joer ware mir 16 aktiv Memberen am Comité des parents. Dofir konnte mir och eng ganz Rei vun Aktivitéiten realiséieren, déi ech Iech elo werd presentéieren:

- Eis läscht **Generalversammlung** war den 26. Oktober 2017. No dem offiziellen Deel vun der Generalversammlung, hate mir eng Konferenz zum Thema « Smartphone », wou et drëm gaangen ass, d'Virdeeler an d'Geforen vun Smartphones an der Schoul ze diskutéieren. Des Konferenz gouf virbereet vum Bettina Thierer zesummen mat dem Medienteam vum Lycée. Virdéischt hunn Schüler an Proffen hier Erfahrungen duergestallt an duerno guf et eng Table Ronde zum Thema, wou och d'Elteren konnten hier Meenung soen. Dese Format vun Konferenz hat bis elo ëmmer e gudden Succès, wëll et ëm en Thema aus dem Lycée geet, den d'Elteren direkt betrëfft. Aus dem Grond hunn mir och haut den Owend fir di Konferenz no der AG en Thema aus dem Lycée gewielt, an mir soen schon emoll der Equipe „Methodentraining“ ëm d'Madame Backes merci fir hier Cooperatioun.

- Während dem leschten Schouljoer ass den Elterenkomitee 10 mol zesummen komm (also ca. 1 Mol pro Mount). Eis Hauptfunktione waren verdeelt wéi folgt:

- **Presidentin:** Adèle Schaaf;
- **Vize-Presidentin :** Anneke van Hittersum
- **Sekretär :** Pascale Damschen, als Remplacante Andrea Kreisel
- **Tresorier:** Charles Raynaud
- Di aner Funktiounen sinn op eisem Internetsite publizéiert.

Komme mir bei eis Aktivitéiten :

- Beim Accueil vun den 7ieme-Schüler **am September 2017** huet eis Presidentin de Rôle vum Elterekomitee presentéiert, fir nei Elteren fir d'Représentation des parents ze interesséieren. No der Veranstaltung hunn mir eng Taass Kaffi offréiert. Wéi all Joer ass dat eng flott Geleenheet, fir mat den Elteren an d'Gespréich ze kommen an fir nei Memberen ze gewannen.
- Fir Elteren ze motivéieren fir Elterevertieder vun enger Klass ze ginn, sinn mir an d' **Eltereversammlungen vun de Klasse gaangen an hunn dese Rôle presentéiert**. Et handelt sech em e Rôle, den mir immens begréissen, well en den Echange tëscht den Elteren an tëscht den Elteren an Enseignanten ënnerstëtzt.
- De 5. Dezember war den **CEDIES** (centre de documentation et d'information sur l'enseignement supérieur) invitéiert fir de Studenten an hiren Elteren Informatiounen iwwert den Unisstudium ze ginn ;

- Enn Januar ass den Här Ternes, den éischten Direktor vum Lycée Aline Mayrisch, an d'Retraite gaangen. Virdrunn huet hien 2 vun eise Memberen en Interview ginn iwwert dat, wat hien hei erliewt huet. Doraus hunn mir eng Newsletter spéciale gemat, déi als Souvenir un d'Kanner ausgedeelt ginn ass.
- Eis järerlech Informatiounsversammlung mat den **Parents délégués** an der Direktioun war den 3. Februar. Et war eng vun denen éischten Handlungen vun der neier Direktioun, bei deser Réunioun Ried an Äntwert ze stoen. Si huet dat mat vill Engagement an Ausdauer gemat, wat mir och schon bei der Direktioun virdrunn erliewt a geschätzt hunn.
- Den 28. Abrëll hat d'Direktioun eng Table ronde zum Thema „Smartphone an der Schoul“ organiséiert, un der 6 Elteren deelgeholl hunn. Dobäi sinn nei Lignes de conduite ausgeschafft ginn, déi reegelen, wéi den Handy am Lycée ab deem Joer duerf benotzt ginn.
- Schon am Joer virdrunn huet den Elterekomitee sech dofir engagéiert, fir de Campus, an virun allem d'Platz virun dem Lycée méi attraktiv ze gestalten, fir de Kanner méi Grond ze ginn, hier Pausen dobaussen ze verbrennen. Den SNJ, den d'Responsabilitéit vum Campus huet, hat eis gesot, dass des Demande vun de Schüler misst ausgoen. Dowéinst hunn mir de Schülerkomite informéiert, di sech dem Thema bei einer Reunioun mat den Délégués de classe ugeholl hunn. Bei der Reunioun sinn Idiiën ausgeschafft ginn, déi mir dem SNJ weidergeleed hunn. Ausserdem huet d'Direktioun sech och motivéiert gewisen, fir des Idiiën opzegräifen an mat klengen Verbesserungen unzufänken. Dat ass also en Thema, den och dest Joer weider aktuell bleiwt.
- Mir haten 3 Reuniounen mat denen aneren Elterekomiteen vum Campus fir eis ënnerteneen auszetauschen. Dobäi gung et e.a. em den Aménagement vum Campus, di national Elterevertriedung an d'Campusfest.
- Mir sinn frou, dass mir am Cader vun eisem « **FONDS DE SOUTIEN POUR PROJETS INNOVANTS** dest Joer nees konnten e Projet ënnerstëtzen. Dobäi ass et em d'Constructioun vun enger Betons-3D-Imprimante gaangen.
- Mir hunn 2 Newsletter un d'Eltere verschéckt. Ausserdem hunn mir en Internet-Site an elo och eng Facebook-Säit.
- De Komitee war vertrueden :
 - **Am Conseil de discipline**
 - **Bei MUSIC IN MOTION** (Sponsoring)
 - Bei de Reuniounen vum **Conseil d'éducation**
- Um Enn vum Joer hate mir eis järelech Réunioun **mat der Direktioun** fir d'Joer Revue passéieren ze loossen.